



## **Resolutioun: Gesondheetsberuffer**

---

Di aktuell Pandemie, ma awer och d'Zuele vu rezenten Etuden [1, 2, 3], weist dass d'Lëtzebuenger Politik an de leschte Joerzénge der alarmanter Situatioun zu Lëtzebuerg nëmmen nogekuckt, mee awer net agéiert huet. Virun allem awer och di aktuell Pandemie huet gewisen, wei staark mer vun auslännesch Kaderen an de Gesondheetsberuffer ofhängeg sinn a wei geféierlech dat fir onse System, an trauregen Zäite wou Grenzschréckungen erëm zum Alldag gehéiert hunn, war. Dowéinst ass et elo un der Zäit hei mat engem konkrete Plang anzegräife fir dass mer an der Zukunft ons eege Kaderen an de medezinesche souwéi paramedezinesche Beruffer garantéiere kënnen. An enger Entrevue mat de Schüler a Studenten a mat der Fraktioun huet d'ANIL bekräftegt, datt a Skandinavien de héije Gesondheetsstandart mat der akademescher Formatioun vun de Fleegeberuffer a Korrelatioun steet. Dofir fuerdere mir a schloen als CSJ – Schüler a Studenten folgend Punkte fir:

### **1. Ausbau vun der medezinescher Ausbildung (Basis a Spezialisatioun)**

Master an der Medezin: Mir stellen ons e Medezinstudium nom Bologna- Prozess zu Lëtzebuerg vir, deen inhaltlech un ons Nopeschlänner ugepasst ass an d'Virdeeler aus dem franséschen an däitsche System, v.a. d'Praxis, kombinéiert. Vum Opbau hier géife mir ons um däitsche System orientéieren, dëst a Form vun enger Masterprüfung entspreichend dem däitsche Physikum a Staatsexamen. Ebenfalls soll och hei den Erasmus-Programm mat agebaut ginn.

Master Humanmedezin an Zännmedezin: Mir stellen ons fir, dass en am Medezinstudium zu Lëtzebuerg no engem initiale Bachelor an der Medezin, d'Méiglechkeet huet, am Usschluss de Master an der Humanmedezin oder e Master an der Zännmedezin ze maachen, fir entspreichend duerno Dokter oder Zännndokter ze ginn.

Grënnung vun enger Universitëitsklinik: D'Grënnung vun enger Universitëitsklinik ass essentiell an der universitärer Ausbildung vu medezineschen a paramedezinesche Beruffer. Dofir stelle mir ons hei en Zesummeschluss vun all de Lëtzebuenger Spideeler am Land, an Zesummenaarbecht mat der Fédération des hôpitaux luxembourgeois vir. Sou kéint een an Zukunft entweder eng grouss Universitëitsklinik bauen oder eben national Zentren uechert d'Land schafen a stäerken. Dës mécht Lëtzebuerg net nëmme fir Experten aus dem Ausland méi interessant, mee och fir Lëtzebuenger Studenten, di nom Studium momentan net méi op Lëtzebuerg zeréck wéilten.

Ausbau vun de ugebuedene Spezialisatiounen zu Lëtzebuerg: Mir stellen ons hei vir, dass een zu Lëtzebuerg d'Méiglechkeet huet, sou vill wie méiglech Spezialisatiounen kënnen ze



maachen. Eng grouss Zuel ass zwar elo scho méiglech, mee deelweis nëmmen iwwer auslännesch Universitëiten. Dofir wéilte mir, eng Kooperatioun vun der Lëtzebuenger Universitëit mat deenen am Ausland, fir eben dës Spezialisatiounen zu Lëtzebuerg ubidden ze kënnen an sou och medezinesch Fuerschung zu Lëtzebuerg ze fërderen.

Europäesche Medezinstudium: Mir géifen et begréissen, wann Lëtzebuerg sech an Europa fir en europäesche Medezinstudium géif asëtzen, fir hei den Medezinsstudenten d'Méiglechkeet ze ginn tëscht Bachelor a Master ouni Problemer d'Universitëit ze wiesselen an doduerch verschidden europäesch Kulturen, Länner a Systemer kënnen kennen ze léieren.

## **2. Ausbau vu de paramedezinesche Beruffer**

Bachelor a Master an den Infirmièreswëssenschaften: Mir stellen ons hei fir, dass zu Lëtzebuerg iwwer d'Universitëit Lëtzebuerg d'Formatioun vum Infirmier ebenfalls nom Bologna-System mat den entsprecheden Diplomer no de Modeller vun der ALEPS (Association Luxembourgeoise des Enseignants de Profession de Santé) a Bildungsministère méiglech gëtt. Doduerch kënn et net nëmmen zu enger Opwärtung vu Beruff vum Infirmier, mee mécht dëse bei de Schüler och méi interessant.

Formatioun fir Laboranten: Mir stellen ons hei vir, dass am LTPS (Lycée Technique de Profession de Santé) erëm Klasse fir Laborante mat spezifesche Fokusser, wei beispillsweis Mikrobiologie, Hematologie a Biochimie, ugebuede ginn.

Lycéesreform am Paramédical: Mir stellen ons hei vir, datt duerch déi komplett Akademiséierung vum Infirmièresberuff d'SI-Sektioun (Sciences infirmières) am Lycée duerch eng Continuatioun vun enger 2e a 1re PS (Paramédical) ersat gëtt. Mat enger 2e a 1re PS wieren d'Schüler, déi an de paramedezinesche Beräich spéider goe wëllen (wéi Kinétherapeut, Infirmier, Radiotechniker asw.), schoulesch besser opgefaangen.

## **3. Ausbau vu der naturwëssenschaftlecher Fakultéit**

Schafung vun engem chemeschen Institut: Mir stellen ons hei vir, dass op der Universitëit Lëtzebuerg am naturwëssenschaftleche Beräich och en Departement fir Chimie, Biochimie a Pharmazie geschaf gëtt. Dëst wier net nëmme fir di medezinesch Ausbildung zu Lëtzebuerg extrem wichteg, mee géif och e Bachelor a Master an deene Beräicher, wie beispillsweis der Pharmazie, erméiglechen. Dëst géif erëm d'Fuerschung zu Lëtzebuerg virundreiwen an och Lëtzebuerg fir sou Konzernner méi attraktiv maachen. Zousätzlech kéint een och esou de Besoin vun Apdikter an Zukunft ofdecken.

Schafung vu baseschen, medezineschen Departementer: Mir stellen ons hei vir, dass national iwwer d'Universitëit Lëtzebuerg Departementer fir Anatomie, Physiologie a Pathologie



geschaf oder ausgebaut ginn, fir och dës Grondbausteng vun enger medezinescher a paramedezinescher Ausbildung zu Lëtzebuerg sécherstellen an net vun auslänneschen Departementer ofhängeg ze sinn.

#### 4. Sproochlech Uniformiséierung

Integratioun vu Lëtzebuergesch-Kueren an der Ausbildung: Mir stellen ons hei vir, dass et obligatoresch Lëtzebuergesch-Kueren am Kader vun der medezinescher a paramedezinescher Ausbildung op allen Niveauen zu Lëtzebuerg ugebuede ginn. D'Zil ass et hei, Grondkenntnisser vun der Lëtzebuenger Sprooch ze vermëttelen a fir d'Kommunikatioun, v.a. mat eelere Patienten, ze vereinfachen.

Implementéierung vun der Lëtzebuenger Sprooch am Gesondheetssystem: Mir stellen ons hei vir, dass Lëtzebuergesch méi am Gesondheetssystem, v.a. am Kontakt mat de Patienten, geschwat gëtt. Dofir si mir fir eng progressiv Integratioun vum Lëtzebuergesch an di vereenzelt Beruffer. Dëst soll an enger éischter Phas fräiwëlleg duerch Lëtzebuergesch-Kueren an all den Niveaue vun de Spideeler ugebuede ginn. An enger zweeter Phas solle Grondkenntnisser am Lëtzebuergesch, genee wéi fir Franséisch an Däitsch, als Voraussetzung fir zu Lëtzebuerg ze schaffe gefuerdert kënnen ginn. Dëst géif Kommunikatioun an d'Verständnis verbessern a ënner anerem Kommunikatiounsfeeler prävenéieren.

---

[1] Rinaldetti S, Jung I. Démographie Médicale du Luxembourg [Internet]. Alem.lu. 2011.

Available from: <https://alem.lu/wp-content/uploads/2019/10/DM-2011-Real-Final-Version-Internet.pdf>. [Accessed 10 October 2021].

[2] Lair-Hillion M. Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au

Luxembourg - Rapport final et Recommendations [Internet]. Sante.public.lu. 2019. Available from: <https://sante.public.lu/fr/publications/r/rapport-etat-des-lieux-professions-de-sante-version-complete-2019/rapport-etat-des-lieux-professions-medicales-et-professions-de-sante-complet.pdf> [Accessed 10 October 2021].

[3] Etat des lieux de la formation médicale au Luxembourg et des futurs médecins luxembourgeois [Internet]. Alem.lu. 2020. Available from: <https://alem.lu/wp-content/uploads/2020/12/Etat-des-lieux-des-etudiants-en-medecine-ALEM-2020.pdf>. [Accessed 10 October 2021]

*Ugeholl um CSJ Nationalkongress 2022 zu Fluessweiler*